N° 8305
Entrée le 11.09.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable et urgence non-reconnue
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 12.09.2023

adr

Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 11. September 2023

Här President,

esou wéi den Artikel 81 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës **dréngend** parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheetsminister weiderzeleeden.

Patienten, déi eng kardiologesch Ënnersichung verschriwwen kréien, ginn am CHL aktuell zeréckgewisen, well d'Kapazitéiten duerch eng erhéicht Demande iwwerlaf sinn an duerfir just nach schwéier a komplex Fäll, déi eng héich Spezialisatioun erfuerderen, ugeholl ginn.

An deem Zesummenhang géif ech der Madamm Minister gär dës dréngend Froe stellen:

1) Op wéi enger interner Uweisung berouen dës Refusen? Wéi goufen d'Krittären definéiert, fir iwwert d'Akzeptanz vun engem Patient ze decidéieren a wie muss ofschléissend doriwwer befannen?
2) Wéi vill Patienten waren säit dem 1. Januar 2023 vun dëser Decisioun betraff an u wéi eng alternativ Ariichtunge kënnen si sech adresséieren?
3) Säit wéini besteet dës Situatioun? Kann d'Madamm Minister an deem Zesummenhang d'Zuelen vun den Demande fir kardiologesch Ënnersichungen a Behandlungen aus dem Zäitraum 2010 bis 2023 matdeelen an d'Zuel vun den Demanden pro Dokter wärend de genannte Jore preziséieren?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten

N°8305
Entrée le 17.11.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

**Äntwert vun der Madamm Gesondheetsministesch op d'parlamentaresch Fro n° 8305 vum 11. September 2023 vum honorabelen Deputéierten Här Jeff Engelen.**

1) Op wéi enger interner Uweisung berouen dës Refusen? Wéi goufen d'Krittären definéiert, fir iwwert d'Akzeptanz vun engem Patient ze decidéieren a wie muss ofschléissend doriwwer befannen?

2) Wéi vill Patienten waren säit dem 1. Januar 2023 vun dëser Decisioun betraff an u wéi eng alternativ Ariichtunge kënnen si sech adresséieren?

3) Säit wéini besteet dës Situatioun? Kann d'Madamm Minister an deem Zesummenhang d'Zuelen vun den Demande fir kardiologesch Ënnersichungen a Behandlungen aus dem Zäitraum 2010 bis 2023 matdeelen an d'Zuel vun den Demanden pro Dokter wärend de genannte Jore preziséieren?

Ech erlabe mir bei dëser question parlementaire op d'Äntwerten zu den parlamentareschen Ufroen n°8300 an 8303 ze verweisen déi allebéid déi selwecht Problematik betreffen.

Lëtzebuerg, den 17. November 2023

D'Gesondheetsministesch
(s.) Paulette Lenert